
# d'Peffermillen



E Samschdeg, den 13. November 1982 huet d'AFC-Solidarité Tiers Monde hire nei ageriichten Informatiounszentrum (CITIM) offiziell opgemaach. Vill Prominenz wor agelueden, wéineg as der komm, e puer hun sech entschëllegt. Opgefall as awer, dass kee Vertrieder vun de Lénkskräften (an an ausserhalb vun de Parteien) sech afonnt hat; een eenzegen (den Deputéierte Willy Dondelinger) hat sech entschëllegt. As och fir si an Zäite vu Wirtschaftskris d'Drëtt-Welt-Problematik elektoral oninteressant? Hun se sech schon emol iwerluegt, dass z.B. ouni d'Gewënner vun der ARBED a Brasilien, d'Situatioun hei wuel nach vill méi katastrophal wär! m.p.

*

Den 13. an 2o.11.1982 hun d'Zeitungsverleger mat der Fieder vum A. Heiderscheid (LW) an A.Sold (t), en Appell un d'Lieser a Mataarbechter geriicht, an deem se ënnert anerem fir eng propper Trennung vu Reklam a Redaktiounsartikelen antrieden. Zwee Deeg éischter haten LW an t allerdéngs nët nëmmen een, mä gläich zwee ielelaang Artikele bruecht iwert dem Monopol-Chef Nicolas Scholer séng 8o Joer. Näischt géint eng Eierung vu verdéngschtvolle Perséinlechkeeten, mä dëse Wäirauch richt dach e bëssche staark no deem wat nët richt. Et war jo och eréischt *nom* Gebuertsdag vun deem wichtegen Annonceur, wou a béiden Dageszeitungen deen zitéierten Appell ze liese war. Oder as et iren eng Fro vu Verdéngschter ëm d'Zeidung? Krut duerfir den Här Bëschof nëmmen e e n Artikel fir séng 7o Joer? Deemnächst dierft dann eng gemeinsam Extranummer vun LW an t erauskommen. Fir de 55. Geburtsdag vum Här Leesch. Matt, fir datt all Lëtzebuerger mattfeire kann, enger (klenger) Fläschelche Schammpuss: Küweedelafontähn. Ahan! Oho! Mmmh!

csst

*

Vrun e puer Deeg as dem Koschter eng al Nummer vum L.W. an d'Gräpp gefall (5.7.82) an däer e paff war, Auszich aus dem Kardinal König séngem Artikel ze liesen, deen an der leschter "forum" Nummer ofgedréckt wor an dee jo nun awer guer nët an d'Linn vun der LW-Oprüstungspropaganda passt. Mä an der Rubrik "Zum Nachdenken" wor leider keng Plaz fir déi Passagen, di iwer allgemeng Friddensiwerleeungen erausgaang sin. Si hu missten duerch dräi Punkten ersat gin.